# DE FELIX 19

# IMPRESSUM

**EDITEUR**
Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

**REDAKTIOUN**
ACEL-Comité
Annick HOFFMANN
Steve MALLER

**KOORDINATIOUN**
Laura LOPES
Lou PEPIN

**GRAFIK, LAYOUT**
Patnat Design
Aurélie NASCIMENTO

**FOTOEN**
ACEL-Comité
REEL-Comité
Luka GRASHOFF

**OPLAG**
300 Exemplarer

**DROCKDATUM**
Dezember 2019

# INHALTSVERZEICHNIS


**Virwuert .......... 01**

**Dem Felix säi Gedicht .......... 02**

**ACEL's Joer 2019 .......... 04**

» ACEL's Joer an Zuelen .......... 05
» ACEL Kalenner .......... 06
» ACEL Comité .......... 12

**Intercerclen 2019 .......... 16**

» Fakten vun den Intercerclen .......... 16
» Kalenner 2019 .......... 17

**Evenementer 2019 .......... 20**

» Tournoi de Noël 2018 .......... 20
» ACEL Quizowend .......... 22
» Student fir 1 Dag .......... 24
» De Studentebal .......... 26
» REEL Oochen .......... 30



# VIRWUERT



Léif Studenten, Léif Partner a jiddereen deen dës Editioun vum Felix liest,

Alt nees geet ee Joer voller Aarbecht a flotten Evenementer op een Enn. Fir d'Aarbecht vum leschte Joer ze resuméieren an och mol déi méi lëschteg Säit vun der ACEL ze weisen, brénge mir och dëst Joer de Felix eraus.

Nieft verschiddenen Zuelen an Eckdate vum ACEL Comité 2019, sinn och séllechen Informatioune vun eise Cerclen an hiren Evenementer dran. Wéi ech awer och scho sot, fann dir an dësem Réckbléck och mol deen een oder anere méi witzegen a méi oder manner eeschtzehuelenden Artikel. Mir si jo ëmmerhin nach Studenten an dierfen och mol vun der Long op d'Zong schwätzen.

Leider ass et awer och esou, dass wann ech d'Virwuert vum Felix schreiwen dat och heescht, dass meng Presidence vum Joer 2019 eriwwer ass. 3 Joer ACEL ginn op een Enn, de Studium ass sou gutt wéi gepackt an een neie Liewensofschnëtt fänkt dann och elo un. Iwwer déi lescht Joren duerft ech vill Leit kenne leieren, mat 3 super Comitéen zesummeschaffen a vill Erfahrunge sammelen. Dobäi ass ze soen, dass d'Decisioun, wou ee Mëttes op enger Comitésversammlung lesse geet, wuel déi schwéierst am ganze Joer war.

Ech wënschen dem ganze Comité nach gemittlech Feierdeeg an dem Comité vum nächste Joer vill Succès. Dofir elo genuch geschwat.

Vill Spaass beim Liesen an ee Merci un jiddereen deen d'ACEL an seng Cerclen ënnerstëtzt.

**Thinnes Pascal**
President

# DEM FELIX SÄI GEDICHT

Emol am Mount CV, de Max ass ni do
D'Cyrielle an de Pascal kréien sech erëm an d'Hoer
Haaptsaach zur Mëttegstonn gëtt et Campari O
An dono gëtt leider weidergeschafft, dat war jo kloer

Mat SchülerInne komme mir an d'Stied
An langweilen lech mat enger Ried
Mat Froe verbrenne mir är Käpp
An mat eise Guiden ass alles bekäppt

Mir ginn op der Gare bei d'CSL
Um Apero gerode mir an d'Fal
Mir ginn op Oochen op d'REEL
Souguer d'Soirée chique verleeft fatal

Op der Studentefoire si mir all Joer
An beäntwere fläisseg är Froen
D'ACEL suergt net fir äre Peegel,
Dofir ass d'REEL zoustänneg, nächst Joer zu Steesel.

Am Wanter zape mir um Knäppchen
Am Summer nerve mir zu Hollerech
Nimools soe mir nee zu engem Pättchen
Heiansdo och kiere mir op är Mëscht

Orange, schwaarz a gro
D'ACEL ass méi wéi blo
Méindes, Samschdes, Sonndes
Am Kapp hu mir ee Rëss


FELIX

# ACEL'S JOER 2019

# AM IWWERBLECK


Evenementer
21
Studieninfoen an de Lycéeën
Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois
Aix-la-Chapelle 2019
Neijoerschpatt
33. Studentefoire
De Studentebal
19
Stied
Student fir 1 Dag
Tournoi de Noël
13. ABR
2019
ACEL
Quiz Owend
Press
4
Presse-communiquéen
1
Presse-konferenz
+30
Erwänungen an der Press
ACEL-JOER
2018-2019
Versammlungen
8
Comités-versammlungen
14
Entrevue mat Partner
2
Assemblées Générales
14
Conseilen
4
Entrevue mat Ministèren
Publikatiounen
Zoom
D'Studentenzeitung
How to Studiebäihëllef
Guide du Futur Diplômé
Guide du Futur Etudiant
Lidderbuch
Kachbuch
De Felix
Reckbléck op 2018

# ACEL KALENNER

## JANUAR

**08** Neijoerspatt vum MEN
Radio Interview

**11** SI LMRL

**14** Radio Interview

**17** SI LRSL
CSEN
ACEL Neijoerspatt (MAE)

**21** **Ënnerschreiwen vum Kontrakt mat der BCEE**

**22** Regroup CV - De Studentebal

**29** SI ECG

## FEBRUAR

**01** SI LCE

**02** CV 2

**05** AG LASEL

**09** SI LNW

**12** SI LBV

**14** CSEN
Entrevue FEDIL

**18** Scheckiwwerreechung Don un Association Narin

**23** Entrevue REEL

**25** Aidefi
SI LGK
Entrevue MDT

**26** Entrevue MESR

**27** SI Athenée

**28** Partnariat Gespréich

**MÄERZ**

- **01** CSJ
- **04** Entrevue SOLVIT
- **06** President VP CV
- **07** Partenariat Gespréich<br>Entrevue MO
- **08** SI LTMA<br>Entrevue CSV
- **09** Entrevue UNEL
- **14** SI LAM<br>SI EPF<br>CSEN LAML
- **15** SI LAM
- **15** Klausurtagung Köln<br>bis den 17. Mäerz
- **22** AG CGJL
- **26** SI LNB
- **29** Sf1D Radio Interview
- **30** SI LCD

## OOFKIERZUNGEN*

| | |
|---|---|
| **AG** | Assemblée Générale |
| **Aidefi** | Comission des aides financières |
| **CGJL** | Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg |
| **CSEN** | Conseil Supérieur d´Education National |
| **CV** | Comitésversammlung |
| **MDT** | Ministère du Travail |
| **MEN** | Ministère de l'Education Nationale |
| **MESR** | Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche |
| **MO** | Maison de l'orientation |
| **Sf1D** | Student fir 1 Dag |
| **SI** | Studieninfo |
| **TdN** | Tournoi de Noël |
| **VP** | Vizepräsident |

## ABRËLL

- 01 Sf1D Radio Interview
- 03 Info CV
- 06 Sf1D Nanzëg + Stroossbuerg
- 08 Sf1D Bréissel + Innsbruck
- 09 Sf1D Uni.lu + Freiburg
- 10 Sf1D Karlsruhe + Heidelberg<br>Regroup CV - De Quizowend
- 11 Sf1D Saarbrécken + Wien
- 12 Sf1D Tréier + München
- 13 ACEL Quizowend
- 14 CV 3
- 15 Sf1D Kaiserlautern + Zürech
- 16 Sf1D Köln + Bonn
- 17 Sf1D Oochen
- 18 Sf1D Frankfurt
- 19 Sf1D Léck
- 25 CSEN LAML
- 27 SI St. Anne

## MEE

- 03 Entrevue Cedies
- 06 Aidefi
- 21 MDT Entrevue
- 22 Partenariat Gespréich
- 31 Partenariat Gespréich

## JUNI

- 02 CV 4
- 10 Partenariat Gespréich
- 15 Balversammlung<br>ACEL meets Cercles<br>AACEL Grillowend
- 22 CV REEL Oochen<br>Entrevue CSL
- 25 Entrevue Solvit

## JULI

02 Groupe de travail Web Slackcall

08 Studentebal Preparatioun
bis den 15. Juli

08 Aidefi

09 Entrevue Luxemburger Wort (Guiden)

10 Partnariat Gespréich
Briefing Bal

12 De Studentebal 2019

13 Ofbau Studentebal
bis den 16. Juli

18 Info CV - De Studenteguide

25 Info CV - Preparatioun 2. Semester

26 CV 5
Summer AG

## AUGUST

12 Preparatioun REEL

20 Info CV - Preparatioun CV

24 CV 6
Comitéaktivitéit

Info - De Studenteguide de Rescht mëscht Summerpaus

## SEPTEMBER

- **09** Partenariat Gespréich
- **12** Partenariat Gespréich
- **16** Pressekonferenz
  Studentsdelegation Meeting
  Entrevue Uni.lu
- **17** Entrevue mam Minister Meisch
- **18** PK Verkéiersministère
- **21** Bilan Regroupement
- **21** Info CV - Preparatioun CV
- **22** CV 7
- **30** Aidefi
  Aweiung BNL

## OKTOBER

- **01** Entrevue Technicien MENJE
  Partenariat Gespréich
- **03** **REEL Oochen**
  bis den 6.
- **07** Bologna Process conslutation meeting (MESR)
  Entrevue LASEL
- **08** Foire vun der Jugendaarbecht
- **11** MAEE
- **15** Partenariat Gespréich
- **17** Entrevue CdM
- **19** Matinée d'Information Athenée
- **22** Krankeversecherung Versammlung
- **23** Forum Orientation
- **24** ALJ Informatiounsveranstaltung
- **26** CSL Event
- **27** CV 8
- **30** Entrevue 35 Joer Feier

## NOVEMBER

17 SI LBV

17 Opriichten Foire de l'Etudiant

17 **Foire de l'Etudiant**
bis den 10. November

17 **35 Joer Feier**

17 SI LNB

17 SI LMRL

## DEZEMBER

06 Comitésaktivitéit

08 CV 9

09 Entrevue Verkéiersverbond

09 Entrevue MESR

10 Conférence Erasmus +

13 SI LTETT

16 Info CV-Sf1d

17 Entrevue VEW

17 AACEL AG

20 Opriichten TdN

26 **AG ACEL (Uni.lu Campus Belval)**

27 **Tournoi de Noël**
bis den 28. Dezember

30 1. CV Comité 2020

# ACEL COMITÉ



**Pascal Thinnes**
President

**Bauingenieurwesen**
Kaiserslautern

| | VS | |
|---|---|---|
| » Coordination Générale | | » Setzt sech fir Fraenrechter an - NOT<br>» Huet entlech säin Patricia fonnt<br>» Mat sengem Kontrollwan nerven |



**Nadja Poensgen**
Vizepresidentin
Représentatioun

**CCDL**
Lëtzebuerg

| | VS | |
|---|---|---|
| » Stagegesetz<br>» GEZ<br>» GIS<br>» 35 Joer Feier | | » Bestellt ëmmer Melounesschnapps<br>» Harvey Specter am Dag, Charity Gold an der Nuecht<br>» Huet ëmmer Recht |



**Aurélie Nascimento**
Vizepresidentin
Informatioun

**Conformité, Audit légal et gestion des risques**
Stroossbuerg

| | VS | |
|---|---|---|
| » GFD<br>» De Studenteguide<br>» Foire + Zoom<br>» Studieninfoen | | » Emmer Stress / géif am leiwsten alles maachen<br>» Net firun 14h uspriechbar<br>» Tounlag net ëmmer ënner Kontroll |



**Sven Bettendorf**
Vizepresident
Regroupement

**Chemieingenieur-wesen**
München

| | VS | |
|---|---|---|
| » Studentebal<br>» Intercercle<br>» Tournoi de Nöel<br>» Neijoerschpatt<br>» 35 Joer Feier | | » Emmer eng anner Meenung<br>» Um Studentebal duerchdréien<br>» Di eng 20% vu Svenjamin |





**Michelle Heyder**
Sekretärin
**Amercian Studies**
Berlin

VS

- » Rapporte schreiwen
- » Newsletter zesumme setzen
- » Mailen beäntferen

- » Probéiert dem Comité sein Blödsinn an een Text ze kreien
- » Kuckt ëmmer dass genuch Croissanten do sinn



**Ben vu Suessem**
Tresorier
**Medezin**
Frankfurt-am-Main

VS

- » Compten iwerschaffen
- » Budget geréieren

- » Kennt vun Suessem
- » Di aner 80% vu Svenjamin
- » Dem Nadja seng nei gewonne riets Hand



**Benoît Frisch**
Responsable Informatique
**Bauingenieurwesen**
München

VS

- » Programméieren
- » Programméieren

- » schwätzt emmer just vun Geld
- » mëscht alles an 2 Klichs
- » Weess wei een Slack ausschalt



**Christelle May**
Comitésmember
**Management des Projets Internationaux**
Stroossbuerg

VS

- » Guide
- » Student fir 1 Dag
- » De Studenteguide
- » Studieninfoen
- » Foire

- » Emmer gudd drop
- » Schafft ze vill, seet nie nee
- » Cerclë verteidegen



**Myriam Feltgen**
Comitésmember

**Medezin**
Bréissel

VS

- Stagegesetz
- Kfz, GEZ, GIS
- Pressedossier schreiwen

- Aktiv Bréiwfréndschaft mam SOLVIT
- Huet di schéinsten Zëmmerpflanz



**Cyrielle Daumer**
Comitésmember

**Psychologie sociale, du travail et des organisations**
Nanzeg

VS

- Studentebal
- Intercercle
- Tournoi de Noël

- Ass entweder voll oder am Hangover
- Och nach Christelle genannt
- Dem Pascal seng beschte Fréndin



**Geraldine Rissé**
Comitésmember

**Bildungswissenschaft**
Wien

VS

- GFE
- Student fir 1 Dag
- De Studenteguide

- huet 48 Stonnen ACEL Deeg
- geet emmer mam Hond spazeieren
- ass net laang/guer net op groussen ACEL Eventer



**Kasi**
Comitésmember

**Medien- a Kommunikatiounsmanagement**
Heidelberg

VS

- Socialmedia
- Stagegesetz
- GEZ, GIS

- Beschten Flachwitzerzieler
- ACEL Stëmm
- Tinderprofil aktualiséieren



**Lynn Duchamp**
Comitésmember

**Biowëssenschaften**
Kaiserslautern

VS

- De Studentebal
- Tournoi de Nöel
- Intercerclen
- GFD
- Student fir 1 Dag

- Pillier Springer
- ëmmer bessi verpeilt
- Sech am falsche Moment haart ausdrécken



**Closi**
Comitésmember

**Bauingenieur**
München

VS

- » De Studentebal
- » Tournoi de Noël
- » Intercercle

- » Huet eng Bambusleitung als Internetverbindung
- » Mister REEL
- » Codex- Profi



**Laura Lopes**
Cooptéiert

**Relations internationales, sécurité, paix et conflits**
Bréissel

VS

- » Zoom
- » De Studenteguide
- » Foire de l'étudiant
- » Taxe d'habitation
- » De Felix

- » schwätzt vill
- » Stuerkapp
- » Disney Prinzessin



**Lou Pepin**
Cooptéiert

**Langue et littérature allemande**
Lëtzebuerg

VS


- » Zoom
- » De Studenteguide
- » Tournoi de Noël
- » De Studentebal
- » De Felix

- » Huet op all CV een Hangover
- » VP Bréifboîte an VP Dépôt
- » Uni.Lou



# Intercerclen 2019

ACEL
de Studentevertrieder



# INTERCERCLEN 2019



## 02 FEBRUAR

**22** bis 24 — **Skiweekend Gstaad** Friblëtz

## 03 MÄERZ

**09** — **Après-Ski** Friblëtz

**19** bis 20 — **Saint-Torê** Lëstlé

**29** bis 30 — **Starkbierfest** LSM

**23** — **Route du Vin** ALUS



## 04 ABRËLL

**05** bis 07 — **Ugly Skiing Day** LSI

**30** bis 1 — **Tournoi de l'Ambassadeur** AVL

## 05 MEE

**03** bis 05 — **Rhein in Flammen** Alesontia

**10** — **Balelec** AELL

**11** bis 12 — **Soccergolf** SLUF

**18** bis 19 — **Mainhatten** LSRM

**25** bis 26 — **Würzburger Wäifest** LSWü

## 06 JUNI

**07** bis 10 — **Saufest** LSW

**13** bis 14 — **Beachvolley-ball** LSK

**29** — **Summercup** ALUS

## 09 SEPTEMBER

**26** bis 28 — **Oktoberfest** LSM

## 10 OKTOBER

**12** — **LÜ-X-I Rallye** LST



## 11 NOVEMBER

**10** bis 11 — **Kölle Alaaf** LSC

**21** — **Tarte Flambée** ALUS

**22** bis 23 — **Clear-the-Bott-les** LSZ

**28** — **Cafèrallye** AVL

**28** — **Badische Meile** AELK







Avec **axxess STUDY,** vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite. Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess STUDY
100% JEUNE. 100% VOUS.

SPUERKEESS

# TOURNOI DE NOËL

**Den Tournoi de Noël ass dat traditionellt Sportsevenement an der Chrëschtvakanz, organiséiert vun der ACEL.** Och dëst Joer ware 64 Equippen aus 29 Cerclen um Tournoi de Noël de 27 an 28 Dezember present. Si sinn an de Sportaarte Volleyball, Basket a Fussball géinteneen ugetrueden.

Den Tournoi de Noël gouf vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat der LASEL um Geesseknäppchen organiséiert. Zesumme mat de Cerclë vu Berlin, Bingen, Innsbruck a Léck huet sech d'ACEL ëm d'Gedrénks an d'Iesse gekëmmert esou, dass keen huet missen hongereg an duuschtereg heem goen. D'LASEL huet sech ëm d'Umeldunge vun den Equippe gekëmmert an den Dag selwer dofir gesuergt, dass um Terrain fair gespillt gouf. Um Enn hat sech den CELB am Volleyball duerchgesat, de LST am Basket gewonnen an d'LUNEX waren déi bescht am Fussball. Den Over-all-winner war domat de CELB, déi zum Schluss wéi gewinnt e Faass Béier zum Beschte ginn hunn. Net nëmmen am Sport konnten sech d'Cercle beweisen, mä och d'Drénke war eng wichteg Disziplin. Iwwer déi zwee Deeg goufen 2230l Béier verzapt. De gréissten Duuscht haten d'Studente vu Wien an hunn sou de Béierpokal gewonnen.

De Gesamterléis vu 5272,7€ vum Gedrénkscomptoire huet d'ACEL nees un Associatioune mat karitativen Zwecker gespent. Dëst Joer goung den Don un d'Fondation Maison de la Porte Ouverte an d'Association Narin. Déi zwou Associatioune konnten sech iwwer 2636,35€ freeën.





## RESULTATER

| VOLLEYBALL | BASKETBALL | FUSSBALL |
|---|---|---|
| Bréissel | Tréier | Lëtzebuerg |
| Innsbruck | Lëtzebuerg | Bréissel |
| Freiburg | Saarbrécken | Oochen |

## GESAMT RESULTAT

2 Innsbruck

1 Bréissel

3 Saarbrécken



# ACEL QUIZOWEND

No dem Erfolleg vun eiser éischter Editioun hu mir eis entscheet 2019 en weidere kniwwelegen ACEL-Quizowend fir Iech all ze organiséieren an är gro Gehierzelle massiv ze strapazéieren. Well mir jo awer lernfäeg sinn, wéi sech dat fir e gudde Student gehéiert, hu mer eis ob d'Sich no enger Location gemaach, wou keen eng Spektiv brauch, fir d'Froen ob der Leinwand liesen ze kënnen. Sou si mer dann am Rooftop Chalet & Beach Bar zu Dummeldeng gelant, wou dëst Event den 13. Abrëll stattfonnt huet.

Dir hutt iech all an 3 – 5er Gruppen zesummefonnt a bei eis ob de Wee gemaach, fir déi cleverst Trupp am Land ze ermëttelen . Natierlech ass dëst net sou einfach wéi eng Klausur am Drëttversuch, an dofir hu mir mat vill Gedrénks, dat spendéiert gouf, probéiert, déi dämpend Käpp vun all de Participanten ze killen. Ausserdeem gouf et deen een oder anere Fingerfood, deen ee bestelle konnt, wann d'Ustrengung vum Nodenken een hongereg gemaach huet.

An 7 (wéi eng aner Zuel hätt et soss solle sinn) Kategorië gouf äert Allgemengwësse getest: Sport, Kultur, Geografie, Geschicht, Studenteliewen, Lëtzebuerg a Wëssenschaft. Mat Multiple-Choice Froen, ganz normale Froen a souguer Biller a Museksausschnëtter passend zum Thema hu mir bal all är Sënner ugeschwat. Am grousse Ganze war et eng interessant an och méi schwiereg Usammlung u Froen, well wie weess schonn, wéi eng Draachefruucht ausgesäit oder wéi vill Nopeschlänner Brasilien huet. Fir d'Moral duerch de Quiz héich ze halen, goufen et nach Schätzfroen, wou een eng weider Ronn Béier oder Hunnegdrëpp konnt gewannen.



## Pour un flirt avec toi

No ustrengende 4 Stonne gouf dann och d'Gewënner gekréint: Ob de Plazen 3, 2 an 1 hunn sech Equippe vu München, Oochen a Karlsruhe erëmfonnt, déi dann och verschidde Präisser krute wéi eng Gadgetstuut, en Gedrénksbong oder eng Corbeille mat lëtzebuergesche Produiten. D'Gewënnerequippe ‚Pour un flirt avec toi', déi och schonn 2018 gewonnen hat a soumat hire Titel verdeedegt huet, hat awer masseg Chance, dass sech d'Equipe vun der aACEL dozou entscheet huet, hors compétition matzespillen, well hir 60 vu 84 Punkte ware vu kenger anerer Equipe erreecht ginn.

Well et net nëmme fir d'Participanten, mee och fir eis als Organisateuren en richteg flotten an amüsanten Owend war, wäert och 2020 eng nei Editioun vum ACEL-Quizowend stattfannen, wou mir da gesinn wäerten, ob d'Karlsruher hire ‚Threepeat' feiere kënnen oder eng Erausfuerdererequipe se vun der Plaz an der Sonn stousse kann.

# STUDENT FIR 1 DAG

**De Student fir 1 Dag 2019, erëm e riesegen Erfolleg…**

Wat soll ech studéieren? Wou soll ech studéieren? Wéi gesäit meng zukünfteg Uni aus? Dëst sinn alles Froen, déi sech Schüler a Schülerinnen spéitstens nom Premièresexame stellen. Fir dëst Froen ze beäntweren huet d'ACEL och dëst Joer erëm, zesumme mat senge Cerclen a „Voyages Emile Weber" de „Student fir 1 Dag" organiséiert. D'Zil vun dësem Evenement ass et, de Schüler vun den Ofschlossklassen hir Entscheedung iwwert déi zukünfteg Studien ze vereinfachen an hinnen Informatiounen aus éischter Hand ze liwweren.

Am Ganzen stoungen 19 verschidde Studentestied um Programm. Nei dobäi waren dëst Joer Wien, Innsbruck, Zürech, München, Freiburg an de Belval. 391 Schüler haten sech insgesamt ugemellt fir sech esou e Bild iwwert déi verschidden Universitéiten a Stied, sou wéi awer och iwwert d'Studenteliewen ze maachen.

Moies stoungen eng Presentatioun vum Cercle an d'Visitt vum Campus mat senge wichtegste Gebaier um Programm. A verschidde Stied haten d'Schüler och d'Chance sech eng Virliesung unzehéieren. Nom Mëttesiessen ass et dann weider gaange mat enger Visitt vun der Stad. Fir den Dag auskléngen ze loossen, gouf et zum Schluss e Patt am Stammcafé vum Cercle wou d'Schüler nach emol Geleeënheet haten all hier Froe ronderëm hir zukünftegt Studien ze stellen.



# MERCI!

Op dësem Wee, soe mir „Voyages Emile Weber“ an de Cerclë nach emol Villmools Merci fir hir Hëllef bei dësem Event.

Mir freeën eis elo schonn op d’Editioun 2020.

## 2019

**06.04** Nanzëg / Stroossbuerg
**08.04** Bréissel / Innsbruck
**09.04** Freiburg / Lëtzebuerg
**10.04** Karlsruhe / Heidelberg
**11.04** Saarbrécken / Wien
**12.04** München / Tréier
**15.04** Kaiserslautern / Zürech
**16.04** Köln / Bonn
**17.04** Oochen
**18.04** Frankfurt
**19.04** Léck



# DE STUDENTEBAL

Den 12. Juli 2019 war erëm Party op der Wiss beim P+R Bouillon ugesot : DE STUDENTEBAL. Dëst Joer war et déi 19. Editioun vum traditionellen Open-Air Studentebal vu Studente fir Studenten.

Déi perfekt Geleeënheet Kollegen ze gesinn oder erëmzegesinn. De Studentebal ass all Joers THE PLACE TO BE fir Studenten, fréier Studenten oder zukünfteg Studenten.





No vill Stress an Ustrengung konnten déi 32 Cercle, déi op 14 Stänn verdeelt waren, hier Special Drinks an um Grillstand lecker Wuppen a Fritte verkafen. Nei dëst Joer : d'Méiglechkeet an de Bongen- an Entréeskeesse mat der Kaart ze bezuelen ! Keen Grond also fir de Kollege kee Patt auszeginn.

Den DJ Nosi an den DJ VDG hunn bis 3 Auer fir super Stëmmung gesuergt an dat ganzt Zelt zum Danze bruecht.





Déi 19. Editioun vum Studentebal war erëm een Erfolleg a mir freeën eis op déi 20. Editioun.

**Ee grousse Merci geet un eis Cerclen, d'Amicale a Partner souwéi un all déi Leit déi den 12. Juli mat eis gefeiert hunn.**

See you next year.



# DE STUDENTEBAL AN ZUELEN

| | |
|---|---|
| 1 | STROUMAUSFÄLL |
| 3900 | VISITEUREN |
| 10 | PARTNER & SPONSOREN |
| 44 | BADGEN |
| 2390 | VIRVERKAFSTICKETEN |
| 20 | ZAPANLAGEN |
| 31 | SPECIAL DRINKS |
| 469 KG | ÄIS |

| | |
|---|---|
| 1150M $^2$ | OPEN AIR |
| 1750 M$^2$ | ZELT |
| 343 M | GITTEROOFSPERRUNG |
| 8 | FIRBEREEDUNGSDEEG |
| 2770L | BEIER |
| 14 | COMPTOIREN |
| 32 | CERCLEN |
| 40 | STONNEN VUN ENGEM DUERCHSCHNETTS COMITÉSMEMBER UM SITE |

# REEL OOCHEN



## 3.- 6. OKTOBER

Vu Béier, Krawatten a Steesel - En anere Réckbléck op eng éischt REEL 2019

Schonn Donneschdes geet et direkt lass. De Cousin péckt den Amaretto mat Jus an der klimaonfrëndlecher Plastiksfläsch aus. Mir setze mol nach keng 5 Minutten am Bus. Et ass véierel op 9. „Alen hänkt et?!“, soen ech him. „Hal d‘Sabbel an drénk!“, grommelt en zréck. Och mäi Mo grommelt. Op wat hunn ech mech hei agelooss. Puer Leit erwächen op emol. „Endlech do?”, froen sech all déi di schon beim Café des Bons Amis zu Bäreldeng agenickt waren. Nee, just Ettelbréck. Dann alt erëm eraus an déi midd Gesiichter aus dem Norde begréissen.

Sou, endlech ukomm. Ganz fuusseg ergatteren ech mir mäi Badge a stelle mech virun de Kaktus. Vläicht

gëtt et schonn een. D´Virfreed huet elo endgülteg géint de Soud bewonn. „Stopp, bausse bleiwen! Et gëtt nach kee Béier!“, kréien ech direkt als Warnung. Ass vläicht grad esou gutt. De Jus mat Amaretto war awer wuel éischter Amaretto mat Jus. Séier sinn d'Nuddelen och am Mo, da kann et elo mol lassgoen. Erëm geet et an d'Vandivinitmobil. Nodeems op dem Chauffeur seng kleng Genitalien opmierksam gemaach gëtt, übe mir dat neit Reelslidd. REEL zu Oochen , lauter Katastrophen...Ganz gutt.

An den Eurogress soll et goen. Partnervirträg. Ech hunn keng Anung wat mech erwaart. Et ass meng éischt REEL. De Radler, dee schonn de ganze Moie bal Diabetis bei mir verursaacht huet a meng Zänn méi giel wie meng Camel Blues mécht, dréit net dozou bäi dat ganzt méi spaasseg virauszegesinn. Mir kommen un. Fir d'éischt mol eng ufänken. Warscheinlech gëtt et eng laang Zäit keng méi. Trapen erop, no riets a wéi schonn an der Schoul, a nach ëmmer op der Uni, an déi lescht Rei. Knapp beréiert mäin Hënneschten de gemittleche Stoffstull, bemierken ech béis Blécker aus der éischter Rei. Ah Merde, ech muss an d'éischt Rei. Ech verabschide mech vu mengen treie Fëmmerten a schlendere Richtung besot Rei. Ech erspueren Iech eng detailléiert Berichterstattung vun de Virträg. Als Geeschteswëssenschaftler setzt en souwisou do wéi bestallt an net ofgeholl.

Eng, zwou oder dräi Stonnen drop ass de Moment da komm. De seriöen Deel vum Dag ass eriwwer. Endlech erëm een an d´Rüstung kippen. Virun allem kee Radler méi.





De REEL-Comité huet eis nämlech puer edel Drauwejusen opgedriwwen. Dobäi ginn et Schmieren. Also déi, déi en iesse kann. Nodeems déi vun zeidege Studenten a Partner liquidéiert goufen, ginn et Haaptgäng a Miniaturform.

Den Owend gëtt méi laang an d'Zänn méi rout. De Soud ass fort an de Spaass ass do. Gutt waarm gedronk, gi mir erëm an de Bus gedämpt, fir Richtung Club Hotel Europa ofzestierzen. En brillanten Zürecher spruddelt mir nach eemol, just fir sécher ze goen an d Gesiicht:„Et ass kee Sprint, mee en Marathon". Amfong wierklech clever. No ville verniwwelten Erënnerungen un danzend duuschtereg Juristinne geet den éischten Dag da spéit an der Nuecht un een Enn.

De Wecker schellt. D´Bëlz och. Mee wiem soen ech dat. Ech hunn et gutt geroden. Déi aarm, déi um 7 bei RWE gefuer sinn. D´Turteltäubecher aus mengem Zëmmer ginn den Doum kucken, si kennen eng Stonn méi laang d'An zoumaache wéi ech. Séier gëtt meng wonnerschéin orange Tenue iwwergezunn an et geet a Richtung Buffet. „Hei elei", denken ech mir. „Lauter Schmieren". Mat dem Gedanke kennt dann och den Honger an deementspriechend maachen ech mir eng Schmier. Gläich geet et Richtung Visitt vun E-Go an dem Frauenhofer-Institut.

Nodeems dann d'Visitt iwwerstanen ass an all d'Reschtalkoholpromilleläichen an de Sauftaxi

ageluede goufen, geet et Richtung Kascht. De Garçon behält an der éischter Hallschent nach d´Nerven. Nodeems sech awer déi brav Leit hire Schnitzel erageschëppt hunn, kennt de Videobeweis zum Asaz. Well aus dem Keller vu Köln fälschlecherweis den Dësch an d´Luucht als Foulspill gewäert gouf, maache mir eis mol léiwer duerch d´Bascht. Schliisslech sti jo nach Workshops vun der ACEL un. Nieft puer Leit, déi effektiv eppes méi wéi hire Fändel mat aus de Workshops zu CV, Sponsoring a soziale Medie geholl hunn, ass et gelonge puer Verdächteger virum Aschlofen ze retten. Allgemeng en grousse Succès. De Fazit an der Plenière ass séier gezunn an eis Presidentinnen a Presidenten dierfen dann endlech hier bescht Stecker lëften. Ech freeë mech op frësch Loft.

Zréck an de Reen. Lass geet de Rallye, bei dem en ënner Beweis stelle kann, dass en d´Stickere vun deene Gruppe virdru fanne kann. Dobäi kommen dann och Geschécklechkeetsspiller, déi ech mol net niichter op d´Rei kréien, souwéi Intelligenz- an Drénkspiller. Kee Kommentar. Engem alen Tapissier säi Gesiicht fierft sech purpurrout, Miwwele vum Sperrmüll kréien en neit Doheem oder liicht bekleeten Dammë ginn ugeblockt. A Propos, déi Strooss. Ech hoffen déi aarm Dammen hunn sech net erkaalt. Schliisslech stoungen d´Fënsteren dee ganzen Owend op.



An erëm op de Kascht. Wärenddeem gëtt weider opgeschott a Pläng fir d´REEL 2020 zu Steesel gi konkretiséiert. Béis Blécker vu verschiddenen Dëscher treffen sech op eisem. D'Middegkeet schléit an. Séier nach optanken. Et muss schliisslech weider goen. Weider geet et dann an d´Boîte, op d'Soirée Publique mam Motto 1 Euro Party. Wéi ze erwaarden treffen ech de Cousin um Comptoir vum Après-Ski-Raum. „Hues de d´Panz och wéi?“, freet en. Well de Béier net méi rutscht, gi mir mat Kleiner Feigling friem, bis de Bus eis zréck an d´Bett bréngt.

Da Samschdes, Kostümsdaag. Tenue correcte ass ugesot. Zum Gléck kann en och eng Méck undinn. Mengen 2 lenken Hänn an där Verfassung nach opzezwéngen eng Krawatt zesummenzekniwwele wier onmënschlech gewiescht. Der Tenue an der Geleeënheet entspriechend, treffe mir eis op en glamouréisen Aperitif am Bus. A kuerze, séieren Zich ginn e Bus voll Béchsen eidel gemaach an déi lescht Zigarette ginn a rekordverdächteger Schnellegkeet duerchgezunn. Deementspriechend gutt preparéiert geet et gefillt 24 Stäck an 11235 Trapen erop. Wéinstens kennen déi meescht elo eng Stonn Moiesrascht halen.





Anerer lauschteren dem Bildungsminister no a stelle Froen.

Trapen erëm erof a bäi de Séi. Ei, eng gutt Kippchen. Dat bescht fir erëm an de Match ze kommen. Nodeems dann all Veräin endlech eng Foto mat sech, mam Séi a mam Minister gemaach huet, kréie mir excellent Platen a Wäiner zerwéiert. Dobäi kommen nach ganz kreativ Behälter, ewéi Blummevasen, an deenen de Wäi besser schmaacht. De Service an de Kach fannen eis gutt a maache mat. Warscheinlech ass Samschdes Mëttes soss ëmmer d'Amiperas do. Souguer den Dësch an d'Luucht gëtt net ofgepaff.

De Bus kennt erëm bei der RWTH un. Mir mussen nach eng 2. Hallschent mat der Politik spillen. Aus dem Monolog gëtt en Dialog an eng ugereegt a kritesch Diskussioun entsteet. Aus studentescher, politescher an aarbechtsrechtlecher Perspektiv gëtt de gesellschaftlechen Drock op Studenten auserneegeholl an ergrënnt. Nach puer Minutte stallhalen, dann ass et gepackt. Erëm déi Trapen. Zu Fouss geet et mat engem klenge Fousspilz, bei d'Rathaus, wou all Mënsch ganz patriotesch mam Fändel d'Heemecht sengt. De Premier kennt awer och nach an hält, genau wéi de Buergermeeschter eng Ried. Oochen,

Europa, Lëtzebuerg, Studenteliewen, eng schéi Kombinatioun.

Well en ni genuch gutt iesse kann, gëtt nach eng Kéier am Quellenhof deck opgedëscht. D´Memoire verschwëmmt bemol, de Wäin krabbelt ze gutt den Hals erof. Kreativitéit ass awer nach do. „Oooh-Oooh-Ooh – Mir ginn op Steesel", schaalt et harmonesch a mat musikalescher Begleedung vun der Bün erof. Weider Programmpunkte sinn eng poetesch Ausernanersetzung, déi zu Gonschte vum engem lauterer Dichternovizen entscheet gëtt, a präisverdächteg Danzchoreographien. No gefillt 10 Minutten op der Soirée ass et 3 Auer an déi meescht Protagonisten trëllen an de Bus. Den haarde Kär zitt weider.

Moies dann zréck op den haarde Buedem vun der Realitéit. Ech mierken, ech si keng 19 méi. Dräi Deeg ass vill. Kaffi an Zigarett kenne mir





keng Freed méi maachen. Vläicht ass et och d´Trauregkeet, well de Spaass gläich eriwwer geet. Keng Loscht op d´Realitéit. Beim Brunch gëtt et mir schlecht. „Strofbuff", héieren ech mol nach keng 10 Sekonnen nom Zréckkomme vun der Toilette. Eran mat der Stroofbuff an erëm am Sprint zréck Richtung Toilette. „Strofbuff", bläert erëm een. Mëttlerweil sinn ech frou, dass ech keng Wäiprouf mëttes muss maachen. Wärend déi eng an d'Schwämm hier faul Pänz ausroue ginn, gi mir Soccergolf spillen. Leider mécht den net oft genuch erwäänten Reen eis en Stréch duerch d`Rechnung. Egal, REEL-Comité ass flexibel. Ab an de Kaktus. Kino oder Casino.


De Kascht zum Ofschloss ass dann nach emol gelong. Mat enger Zäitmaschinn gouf en duuschterege Bewunner aus dem Mëttelalter mat sengem Vull ageflunn. An séier op den zolitte Buffet. Dono kritt dann nach obligatorescherweis jidderee Merci gesot a Präisser gi verdeelt.

Déi positiv Präisser ginn an d'ACEL an op Freiburg, den aneren op Léck. Schlussendlech groussen Abschid, an de Bus an déi lescht Béier.

Ech si freckt, mee glécklech.

# REEL LIDD
# 120 KATASTROPHEN

REEL: 2019
Weis: Zwou Bulle Mokka
Text: Annick, Maller



Jo‘r fir Jo‘r déi selwecht Leier,
An et gëtt eis mol keng deier.
D’REEL mécht eis vill Freed,
A mir ginn es ni leed.
Emol d’Jo’r geet et rëm séier,
4 Deeg laang Wäin a Béier.,
Fir dass och epp’s net feelt,
Gi mir nach bësse gequält,
Vu mi Minist‘ren an dem Rescht.

REEL zu Oochen,
Lauter Katastrophen,
REEL zu Oochen,
Mir ginn na laang net schlofen,
REEL zu Oochen,
Mir hun hei ganz vill Spaass,
Drénken nach e Faass, a Gas!

All 7 Joer ass d’REEL hei,
A mir bleiwen dëser Linn trei.
Duerfir si mer net zu Stroossbuerg,
Mee zu Oochen maacht iech keng Suerg.
35 Joer Acel,
entstaanen op der REEL.
Dofir kenne mer eis ameséieren,
Drenken emmer eng masseg Béi’ren,
An all Jo‘r eng aner Stad.

REEL zu Oochen,
Lauter Katastrophen,
REEL zu Oochen,
Mir ginn na laang net schlofen,
REEL zu Oochen,
Mir hun hei ganz vill Spaass,
Drénken nach e Faass, a Gas!

Mir drénke méi wéi eng Këscht,
Am Karel senger Heemecht.
Tëscht Rathaus an dem Doum,
Krut hien hei seng Kroun.
Mam AVL um Tour,
Fléi‘ mir aus der Spuer.
Ob am Kaktus mat dem Béier,
Mam Wäin nach vill méi séier,
Gehei‘ mir eis eng an d’Schäiss.

REEL zu Oochen,
Lauter Katastrophen,
REEL zu Oochen,
Mir ginn na laang net schlofen,
REEL zu Oochen,
Mir hun hei ganz vill Spaass,
Drénken nach e Faass, a Gas!

REEL zu Oochen,
Lauter Katastrophen,
REEL zu Oochen,
Mir ginn na laang net schlofen,
REEL zu Oochen,
Mir hun hei ganz vill Spaass,
Drénken nach e Faass, a Gas!

ACEL
de Studentevertrieder